26.06.2017: DIPLOMIWWEREECHUNG VUN DEN OWESCOURSEN

PORTE OUVERTE

De 17. Juni huet Gemeng Nidderaanwen den éischte grousse Schrëtt a Saache Kannerparticipatioun gemaacht. Mat enger flotter Porte Ouverte am Gemengenhaus ass de Projet Niedz4Kidz lo offiziell an d'Liewe geruff.

Mat engem Bändchen ëm den Aarm an enger Stempelkaart am Grapp konnte Kanner vun 9 bis 12 Joer aus de verschiddenen Uertschaften aus der Gemeng, während engem Nomëtte laang d'Gemengen-Liewe mei no kenneléieren. Eng hallef Dose Statioune gouf et ze entdecke wou d'Kanner zum Beispill op enger Landkaart vun der Gemeng déi verschidden Uertschaften op déi richteg Plaz oppeche missten. Si konnten op enger anerer Kaart illustréiere wou si sech gär oder net gär an der Gemeng ophalen an och hier Liiblingsplaz molen oder mat "Lego" nobauen. Dës Aktivitéite goufen och schon am Virfeld an der Maison Relais zu Nidderaanwen wéi och an der Schoul an de Klasse vum Cycle 3.2 bis 4.2 fir dës Porte Ouverte virbereet. D'Resultater dovunner sinn dann och

OPEN DAY

On the 17th June, the municipality of Niederanven made their first big step in chil-dren-participation. With a great open day in the town hall, the project Niedz4Kidz was officially launched.

With a ribbon around their arm and a stamp-card on their hands, kids from 9 to 12 years of all the various localities of the municipality, spend the whole afternoon discovering the municipality-life. Half a dozen stations were to be discovered, in which for example children could stick on a big map of the municipality the different locali-ties on the right spot. They could illustrate on a different map their places in the community where they like or don't like to hang out as well as drawing their favour-ite place or build it with "Lego". In the forefront of the open day, the Maison Relais of Niederanven and the classes of cycle 3.2 to 4.2 of the school of Niederanven al-ready did these activities with their children. The results of their activities were also presented during the big open day. In a different station, the town council personally welcomed

während der Porte Ouverte presentéiert ginn. Op enger anerer Statioun huet de Gemengerot Kanner am Gemengerot-Sall och perséinlech begréisst a krute d'Sëtzuerdnung wéi och déi verschidde Parteien opgezielt déi et an der Gemeng ginn. An de Walkabinne konnten eis kléng Matbierger dann och hier Virstellung vun engem besseren Zesummeliewen an der Gemeng zu Blat brengen. An schliisslech duerfte si dann och selwer eemol Buergermeeschter vun Nidderaanwen spillen andeems si sech mat der Schärp un d'Pult vum Buergermeeschter konnte setzen an eng flott Souvenir Foto gemaach kruten. E Interview zu der Fro „Wann ech Buergermeeschter/Buergermeeschterin wier, wat géif ech maachen....“ gouf op der Statioun och nach gefilmt. Zum Schluss vum Dag sinn da bei engem gemittleche Pättchen d'Gewënner vum Quiz gezu ginn, déi da mat engem flotte Preis konnten heem goen.

Ziel vum Projet Niedz4Kidz ass et net nëmmen d'Liewen an der Gemeng Nidderaanwen aus den Ae vun de Kanner ze gesi mee virun allem si dëst aktiv matgestalten ze loossen. Och an Zukunft wäerten Aktivitéiten op Basis vun nonformeller Bildung organiséiert gi wou all Jonken tëscht 9 an 12 Joer aus der Gemeng Nidderaanwen häerzlech invitéiert ass matzemaachen.

the children in their room and explained the kids their official seating plan and enumerated them also the different political parties in Niederanven. In the polling booth, the little fellow citizens were invited to write their vision for a better living together in the municipality. And finally the kids could play being the mayor of Niederanven by sitting on his desk and wearing its sash – a souvenir picture has been taken. A role-play interview has also been filmed in this station with the question "If I was the mayor/mayoress, what would I do ...". At the end of the day, on a jovially drink, the winners of the quiz have been drawn and could go home with a nice price.

The goal of the project Niedz4Kidz is not only to see the life in the municipality of Niederanven through the eyes of the children, but above all that the children them-selves can be actively involved in it. Based on principles of non-formal education, future activities will also be organized in which all young people from 9 to 12 years from the municipality of Niederanven are invited to take part.